N°2642
Entrée le 26.08.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 2642 vum 23. Juli 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.**

1. *A wéi enge Spidolsgruppen a fir wéi eng Servicer gëtt den Tiers payant direct aktuell ugebueden?*

De Gebrauch an d'Ubidde vum *Paiement immédiat direct* ("PID") an de *services ambulatoires* vun de Spideeler lafen net ëmmer zentral iwwer déi eenzel Spideeler. Sou ass et zum Beispill sou, dass do wou d'Dokteren hier Aktivitéit an de Spidolsservicer liberal praktizéieren a fakturéieren, si selwer, d'selwecht wéi an der privater Praxis, decidéieren ob si ee Remboursement iwwer PID ubidden. Do wou d'Spidol eng Fakturatiounsléisung ubitt, sou wéi dat fir de Grupp vun ugestallten Doktere vum CHL de Fall ass, kann de PID progressiv fir déi eenzel Servicer zentral ugebuede ginn.

Säit dem 1. Juli 2025 ass vun der CNS alles ëmgesat ginn, fir dass déi meescht Dokteren, de PID, fir déi Akten déi am 'Outil de calcul PID' dra virgesi sinn, kënnen ubidden. Heifir geet et duer, dass den Dokter eng PID-kompatibel Versioun vu sengem *logiciel métier* notzt.

2. *A wéi enge Spidolsgruppen a fir wéi eng Servicer gëtt den Tiers payant direct aktuell nach net ugebueden?*

Allgemeng ginn an de Spideeler Moossnamen ergraff fir de PID op méiglechst vill Servicer a Prestatiounen auszewäiten. De PID gëtt deemno och, haaptsächlech fir *soins ambulatoires*, ëmmer méi benotzt. E gëtt aktuell awer nach net fir all Spidolsgruppen a Servicer ugebueden.

Eng Generalisatioun vum PID bleift deelweis ofhängeg vun techneschen an organisationelle Bedéngungen, sou wéi och vum Status vun den Dokteren, déi liberal praktizéieren.

3. *Wäert et an noer Zukunft méiglech sinn, dass all d'Servicer an alle Spidolsgruppen vum Tiers payant direct gedeckt ginn? Falls jo, bis wéini? Falls nee, fir wéi eng Servicer wäert dëst net de Fall sinn?*

Och wann aktiv mat de Spideeler geschafft gëtt fir d'Digitalisatioun ëmzesetzen, notamment wat d'Facturatioun betrëfft, wäert de PID net déi eenzeg *voie de prise en charge* sinn. Et wäerten och weiderhin de *Remboursement*, le cas échéant op digitalem Wee, an den *Tiers payant* ginn.

An de Fäll wou den *Tiers payant* net ugewend gëtt, wäert den Dokter weiderhin zesumme mam Patient entscheeden, ob PID oder *Remboursement*, le cas échéant op digitalem Wee, benotzt gëtt.

Et ginn och Fäll, an deenen de PID net kann ugebuede ginn. Fir dës Fäll ass um Internetsite vun der CNS eng Lëscht ze fannen[1]. D'Ausschlëss kënnen technesch oder juristesch begrënnt sinn. Et gëtt dru geschafft dës Lëscht ze reduzéiere fir sou vill wéi méiglech kënnen de PID unzebidden.

[1] *https://cns.public.lu/fr/professionnels-sante/dossiers-thematiques/digitalisation/paiement-immediat-direct.html*

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Den M3S rechent mat enger signifikativer Erhéijung vun der Notzung vum PID an de Spideeler an den nächste Méint.

Lëtzebuerg, den 26. August 2025

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez